

# SANDWEILER Aktuell

04-2023 12.04.2023

**Accompagnateur Pedibus**
Piwitsch asbl

**Klimadag 07.05.2023**
Programme

## Vullenhaisercher zu Sandweiler

Am Kader vum Naturpakt sinn Ufank Abrëll ronn 45 Naschtkëschte (fir z.B. d'Schielmees, den Hausspatz) um Territoire vun der Gemeng Sandweiler vum Service „jardinage" opgehaange ginn. Zousätzlech Naschthëllefe fir aner Vullenaarte (wéi z.B. d'Schmuewel) ginn an de kommende Wochen op dofir gëeegente Plazen installéiert.



## Nichoirs à Sandweiler

Dans le cadre du Pacte Nature, 45 nichoirs (pour p.ex. la mésange charbonnière, le moineau domestique) ont été installés début avril sur le territoire de la commune de Sandweiler par le service jardinage. Des aides à la nidification supplémentaires pour d'autres espèces d'oiseaux (p.ex. hirondelles) seront installées à des emplacements appropriés dans les semaines à venir.



**11. Juni 2023: Gemeindewahlen**

**ichkannwaehlen.lu**

GEMENG SANDWEILER
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler
Tél.: 35 97 11 - 1 • Fax: 35 79 66
www.sandweiler.lu

JOIN OUR KLIMADAG

**BECAUSE WE ONLY HAVE ONE PLANET.**

**Workshops, games, interactive stands and live talks by experts**

**7 May 2023** in Munsbach
**10:30** to **18:00**




## KLIMADAG – Mir hunn nëmmen eng Äerd

Kommt op den 1. regionale Klimadag, de 7. Mee 2023 am Recyclingzenter Mënsbech!

D'Klima betrëfft eis alleguer. An awer ass et net ëmmer ganz einfach den Duerchbléck ze behalen... Wéi hänkt d'Klima beispillsweis zesumme mat Energie, Ressourcen, Kreeslafwirtschaft, Landwirtschaft, Ernierung an Naturschutz?

De villfältege Klimadag-Programm mat Workshops, Spiller, interaktive Stänn a live Virträg bitt iech d'Geleeënheet an enger agreabeler Ambiance Äntwerten op dës Froen ze fannen a méi iwwer d'Klima gewuer ze ginn. Villäicht fannt dir um Klimadag och Iddie wéi een am Alldag kleng Schrëtt goe kann, déi awer ee groussen Ënnerscheed maache kënnen.

De ganze Programm fir Grouss a Kléng fannt dir um Site: sias.lu/klimadag

D'Entrée um Klimadag ass fräi!

## KLIMADAG – Nous n'avons qu'une seule terre

Venez à la 1ère journée régionale du climat le 7 mai 2023 au centre de recyclage de Munsbach !

Le climat nous préoccupe tous. Et pourtant, il n'est pas toujours évident d'avoir une vue globale... Quel est le lien entre le climat et, par exemple, l'énergie, les ressources, l'économie circulaire, l'agriculture, l'alimentation et la protection de la nature ?

Le programme varié avec des ateliers, des jeux, des stands interactifs et des conférences en direct, vous offre la possibilité de trouver des réponses à ces questions dans une atmosphère conviviale et d'en apprendre davantage sur le climat. Peut-être trouverez-vous même, lors de notre journée climatique, des idées pour faire de grandes choses avec de petits gestes au quotidien.

Vous trouverez le programme complet pour adultes et enfants sur le site web : sias.lu/klimadag

L'entrée au Klimadag est gratuite !

## Begleeder fir de Pedibus gesicht

Zanter Joere gëtt zu Sandweiler de Service „Pedibus" ugebueden, e Begleedsystem fir d'Kanner zu Fouss an d'Schoul ze bréngen, ënnert der Opsiicht vun Erwuessenen.

Aktuell gëtt 1 Begleeder gesicht. Sidd Dir drun interesséiert Iech z'engagéieren? D'Maison relais **Piwitsch asbl** organiséiert de Pedibus a këmmert sech ëm d'Aschreiwungen.

Tél.: 35 97 11-640 / 641
E-mail: maison.relais@sandweiler.lu

## Accompagnateur pour le Pedibus

Cela fait des années que le service « Pedibus » est disponible à Sandweiler, un système d'accompagnement pour amener les enfants à pied à l'école sous la surveillance d'adultes.

Nous recherchons actuellement 1 accomagnateur. Vous êtes intéressé à vous engager ? La maison relais **Piwitsch asbl** organise le Pedibus et gère les inscriptions.

Site: Piwitsch asbl https://bit.ly/3zCknsh